REÇU le
26 OCT. 2026
Rép : .....

CSV
SANDWEILER

sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 25. Oktober 2026

Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 29. Oktober 2026

Här Buergermeeschter a Memberen aus dem Schäfferot,

Am Numm vun der CSV Sandweiler biede mir Iech an der nächster Gemengerotssëtzung vum 29.10.2026 zu follgende Froen am Detail Stellung ze huelen. Fir dass d'Bierger an aller Transparenz des Äntwerte kenne matgedeelt kréien, biede mir Iech ons Är Äntwerten an der Suite och schrëftlech zoukommen ze loossen.

Fro 1:

Beim fréiere Gebai vum Restaurant Delicious hänkt en Avis dass dat Gebai soll ofgerappt ginn.

- Wéini sollen dës Aarbechten ufänken?
- Wat gëtt aktuell do dra geschafft?
- Wat sollen déi gesamt Demolitiounsaarbechten kaschten?

Fro 2:

Den Amenagement vun der Reewaasserachs déi vun der rue Hiehl iwwert rue d'Itzig an d'rue de Contern féiert, ass ofgeschloss. Déi éischt nei Haiser an der rue Hiehl wäerten sech do mussen uschléissen.

- Ass Reewaasserachs an der rue de Contern un d'Kettebach ugeschloss, wat jo eng Obligatioun vum Waasserwirtschaftsamt war?

Fro 3:

D'Ëmännerunge vun de Virfaarten, Zone 30 awer virun allem Verengungen op verschiddene Plazen an der rue Principale hunn an de lëschten Deeg zu villen Diskussiounen ënnert de Sandweiler Bierger gefouert. De Schäfferot huet wuel dorops hin decidéiert, keng "Berliner Këssen" ze montéieren, eng Decisioun déi mir begréissen.

Ganz besonnesch reegen sech Awunner iwwert d'Verengungen op, déi net ongefëierlech sinn an doniewent Stau provozéieren.

- Ass de Schäfferot gewëllt des Verengungen erëm ewech ze huelen?
- Ass de Schäfferot gewëllt dëse Projet mat de Bierger ze diskutéieren?
- Ass de Schäfferot gewëllt Bierge em hir Meenung ze froen?
- Wat huet dëse Projet bis elo kascht, souwuel d'Ëmsetzung wéi och déi passend Etuden? Fir déi Deeler déi nach net verrechent sinn, wéi héich waren do d'Offeren?

Romain DUMONG
Conseiller

Jean LEMMER
Conseiller

Simone MASSARD-STITZ
Conseillère